N°1369
Entrée le 16.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.10.2024

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 16 octobre 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden:

*„De 17. Oktober 2024 koum et am Atert-Lycée zu Réiden zu enger Policeinterventioun opgrond vun engem Amokalarm deen ausgeléist gouf, well eng verdächteg Persoun am Lycéesgebai gesi ginn ass.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:*

1. *Gett et an all Lycée zu Lëtzebuerg Sécherheets- a Schutzprozeduren fir de Fall vun engem Amokalarm?*
2. *Ginn et och an de Primärschoulen a Maison Relais'en esou Prozeduren ?*
3. *Gett zu dësen Prozeduren an all Schoul oder Maison Relais eng obligatoresch Formatioun ugebueden ? Wéi oft gëtt des Formatioun ugebueden?*
4. *Plangt den Här Minister, des Formatioun obligatoresch ze maachen, eventuell schonn als Deel vun de Bachelor-Etuden?*
5. *Wat gesinn des Sécherheets- a Schutzprozeduren vir?"*

Mat déiwem Respekt,

Barbara AGOSTINO
Deputéiert

Mandy MINELLA
Deputéiert

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1369 vun den honorabelen Deputéierte Barbara Agostino a Mandy Minella**

**Ad 1), 2) a 5)**

Enseignement fondamental

Säitens de Regionaldirektioune goufen Efforte gemaach, de Sujet vun engem méiglechen Amoklaf mat de Gemengen – déi laut Gesetz fir d'Infrastrukture vun de Schoulgebaier zouständeg sinn – ze thematiséieren. D'Ëmsetzung vu verschiddene Mesuren, wéi beispillsweis den Alarmknäppchen, en automatescht Zougoe vun den Dieren, gradewéi d'Kontroll vum Zougang zu de Schoule goufen hei an d'A gefaasst.

Donieft gouf vum Kriseninterventiounsteam (KIT) ee Classeur ausgeschafft, an deem sech ee Kapitel mat engem méiglechen Amoklaf befaasst, an den Enseignanten ënnert anerem erkläert, wéi si sech an esou engem Fall ze verhalen hunn.

Enseignement secondaire

Fir de Beräich vum Enseignement secondaire ginn et an alle Lycéeë Sécherheets- a Schutzprozeduren. Dës gesi vir, datt d'Personal an d'Schüler sech sollen a gëeegente Raim aspären, sech un d'Instruktioune vum Schoulpersonal halen an ofwaarden, bis d'Police op der Plaz ass.

Am Fall, wou d'Raimlechkeeten ongëeegent sinn, solle Personal a Schüler d'Schoul verloossen.

Maisons relais

Fir d'Betreiungs- a Bildungsservicer (Maisons relais) läit d'Verantwortung fir d'Sécherheet a fir déi entspriechend Prozedure beim Gestionnaire.

**Ad 3) a 4)**

Enseignement fondamental an Enseignement secondaire

Grad am Beräich vun der Informatioun a vun der Formatioun huet de Sujet vum Amok an de leschte Joren eng ëmmer méi grouss Plaz ageholl.

Esou bitt d'Police reegelméisseg Formatiounen an deem Beräich un, déi vun de Lycéeë kënnen an Usproch geholl ginn. Eleng fir d'Joer 2024 hu bis elo Formatiounen an aacht Schoule stattfonnt, dräi stinn der nach op.

D'Police ass och ëmmer erëm am Collège des Directeurs vum Enseignement secondaire present, dëst fir d'lescht de 24. Januar 2024. Vertrieder vum Service national de prévention de la Police a vum Service psychologique de la Police hu bei där Geleeënheet d'Formatioun virgestallt, déi d'Police dem Schoulpersonal ubitt.

Och den Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) huet an de leschte Jore Formatioune souwuel zum Thema Amok ugebueden (zum Beispill „Amokalarm – zweckmäßiges Verhalten in der Klasse“) wéi och zum Thema Santé mentale, déi en Deelberäich vun der Preventioun an der Sécherheet duerstellt (zum Beispill „Premiers secours en santé mentale“).

Dës Formatioune sinn och fir d'Enseignanten aus dem Enseignement fondamental zougänglech. Si sinn allerdéngs net obligatoresch.

<u>Maisons relais</u>

Och fir d'Personal vun de Betreiungs- a Bildungsservicer ginn et keng obligatoresch Formatiounen am Beräich vum Amok.

Lëtzebuerg, den 19. November 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH